LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Culture

**Pressedossier**

# Enquête iwwer d'Roll vun der Lëtzebuerger Sprooch an der Gesellschaft

**7. Juni 2018**

# Enquête iwwer d'Roll vun der Lëtzebuerger Sprooch an der Gesellschaft

*D'Promotioun vun der Lëtzebuerger Sprooch ass eng Prioritéit vun der Regierung.*

*Den 9. Mäerz 2017 hat d'Regierung hir Strategie fir d'Promotioun vun der Lëtzebuerger Sprooch virgestallt. Si huet domat d'Wichtegkeet vun der Lëtzebuerger Sprooch als Kommunikatiouns-, Integratiouns- a literaresch Sprooch ënnerstrach a sech fir d'Promotioun vum Lëtzebuergeschen am Kader vun der Méisproochegkeet am Land engagéiert.*

*De 15. November 2017 huet de Regierungsrot de Gesetzprojet iwwer d'Promotioun vun der Lëtzebuerger Sprooch ugeholl. De Projet gesäit eng Partie Mesurë vir, déi d'Regierung am Kader vun der Strategie fir d'Promotioun vun der Lëtzebuerger Sprooch festgehalen hat, dorënner en 20-Joresplang fir d'Lëtzebuerger Sprooch, e Kommissär fir d'Lëtzebuerger Sprooch an en Zentrum fir d'Lëtzebuergescht.*

*Am Mäerz an am Abrëll 2018 huet d'Regierung partizipativ Biergerforen iwwer d'Lëtzebuerger Sprooch organiséiert. All d'Bierger kruten do d'Méiglechkeet matzediskutéieren, hir Meenung zu der Plaz an der Roll vum Lëtzebuergeschen a vun den anere Sproochen an eiser Gesellschaft auszedrécken a konstruktiv Virschléi a Suggestiounen zu deem Thema matzedeelen. Et gouf och eng Online-Plattform geschaf, fir jiddwerengem ze erméiglechen, sech un der Diskussioun ze bedeelegen. D'Resultater a Conclusioune vun deem partizipative Prozess ginn an engem Biergerrapport festgehal, deen am Juli presentéiert gëtt.*

## I. ENG REPRESENTATIV ËMFRO IWWER D'ROLL VUM LËTZEBUERGESCHEN

Zousätzlech zu den Diskussioune bei de Biergerfore war et der Regierung wichteg, fir d'Aschätzung vun engem méi groussen Deel vun der Lëtzebuerger Populatioun zu der Roll vun der Lëtzebuerger Sprooch an eiser Gesellschaft ze hunn. Dofir huet den Educatiounsministère Ufanks 2018 eng TNS IlRes-Etude an Optrag ginn.

Am Ganze goufen 1053 Persounen aus ënnerschiddleche sozio-demographesche Gruppen (Alter, Nationalitéit, sproochlechen Hannergrond, …) befrot. 60 % dovun haten d'Lëtzebuerger Nationalitéit, a 40 % waren Netlëtzebuerger. D'Analys ass op dës zwou Populatiounen agaang.

D'Enquête huet aus dréi gréisser Volete bestanen:

- d'Acteuren an d'Initiativen am Kontext vun der Promotioun vum Lëtzebuergeschen;
- de geliefte sproochlechen Alldag zu Lëtzebuerg;
- de Stellewäert, dee Lëtzebuergesch an der Gesellschaft huet a soll hunn.

## II. RESULTATER VUN DER ENQUÊTE

### 1. Grouss Zoustëmmung fir d'Initiativ vun der Regierung

D'Aktiounen, déi d'Regierung fir d'Promotioun vun der Lëtzebuerger Sprooch lancéiert huet, stoussen op grouss Zoustëmmung. 76 % vun de befrote Leit fannen d'Demarche vun der Regierung gutt, ganz gutt oder exzellent.

D'Nationalitéit an d'Sproochekompetenze vun de Befroten hunn dobäi kaum Afloss op d'Bewäertung. D'Efforte vun der Regierung ginn also queesch duerch d'Lëtzebuerger Gesellschaft guttgeheescht.

### 2. D'Lëtzebuerger Schoul, en Erfollegsmodell fir d'Lëtzebuergescht a fir d'Méisproochegkeet

Wann een den Alter vun de Befrote kuckt, fält op, datt déi Jonk vu 16 bis 24 Joer déi meeschte Sproochekompetenzen hunn. 94 % vun hinne schwätze Lëtzebuergesch. 92 % schwätzen déi dräi offiziell Landessproochen.

Datt déi Alterskategorie esou ervirstécht, ass de klore Verdéngscht vum Lëtzebuerger Schoulsystem. D'Schoul erfëllt hei ganz däitlech hir Missioun, Lëtzebuergesch als Integratiounssprooch a gemeinsam Sprooch vu quasi alle Jonken ze vermëttelen. Datselwecht gëllt fir d'Méisproochegkeet: Eng immens grouss Majoritéit vun de Jonken, déi nach an d'Schoul ginn oder grad aus der Schoul eraus sinn, schwätze Lëtzebuergesch, Däitsch a Franséisch.

### 3. Eng ganz wichteg Roll am Alldag

65 % vun alle Befrote schreiwe Lëtzebuergesch an hirem privaten Alldag. 73 % schwätze Lëtzebuergesch.

Dëst Resultat bestätegt, datt Lëtzebuergesch als vollwäerteg Sprooch wouergeholl gëtt, déi vun enger Majoritéit vu Leit souwuel geschwat wéi och geschriwwe gëtt.

Et sinn haaptsächlech déi jonk Generatiounen, déi d'Lëtzebuergescht vill beim Schreiwen asetzen. Hei schéngen den Afloss vun der Schoul a wuel och déi nei Kommunikatiounsmëttelen ewéi SMS a *Social Media* dofir ze suergen, datt Jonker vill op Lëtzebuergesch kommunizéieren.

### 4. Eng ëmmer méi grouss Plaz am Beruffsliewen

Och am beruffleche Kontext spillt Lëtzebuergesch fir d'Majoritéit vun de befrote Leit eng grouss Roll: bei 68 % als geschwate Sprooch, a bei iwwer der Hallschent vun de Leit (51 %) esouguer als Schrëftsprooch. Domat gëtt Lëtzebuergesch am Beruffsliewen, souwuel am Mëndlechen ewéi am Schrëftlechen, méi benotzt ewéi Däitsch an Englesch.

Hei gesäit een déi grouss Entwécklung, déi Lëtzebuergesch rezent gemaach huet, an de gesellschaftleche Stellewäert, deen d'Sprooch méi a méi kritt. Virun 20 Joer wier esou ee Resultat ondenkbar gewiescht.

## 5. Lëtzebuergesch, gemeinsam Sprooch vun dräi Véierel vun der Populatioun

77 % vun de befrote Leit schwätze Lëtzebuergesch. Dat Resultat ass besonnesch bemierkenswäert, wann ee bedenkt, datt 40 % vun de Befroten Netlëtzebuerger waren. Et beweist, datt Lëtzebuergesch net nëmmen déi éischt Sprooch vun de Lëtzebuerger ass, mee och vu villen auslännesche Matbierger geschwat gëtt. Dëse Succès ass ouni Zweiwel op d'Lëtzebuerger Schoul an op déi vill Lëtzebuergeschcoursë fir Erwuessener zeréckzeféieren, déi am Land ugebuede ginn.

D'Franséischt gëtt vu praktesch all de befrote Leit (98 %) geschwat a behält domat eng grouss Wichtegkeet zu Lëtzebuerg.

## 6. Eng geliefte Méisproochegkeet

72 % vun de befrote Leit schwätzen déi dräi offiziell Landessproochen Lëtzebuergesch, Däitsch a Franséisch. 73 % schwätze véier oder méi Sproochen. D'Méisproochegkeet zu Lëtzebuerg ass domat eng geliefte Realitéit, souwuel bei de Lëtzebuerger wéi och bei den Netlëtzebuerger.

## 7. Sproochesituatioun zu Lëtzebuerg : fir déi meescht Leit kee Problem

Fir 73 % vun de befrote Leit stellt déi geliefte Méisproochegkeet hei am Land guer keen oder bal kee Problem duer. Dat trëfft besonnesch op déi Leit zou, déi déi dräi Landessprooche schwätzen.

Just vun deene Leit, déi kee Lëtzebuergesch schwätzen, gëtt eng Majoritéit (58 %) un, d'Sproochesituatioun am Land an iergendenger Form komplizéiert ze fannen. Warscheinlech dinn déi Leit sech opgrond vun der Wichtegkeet vum Lëtzebuergesche mat dem permanente Sproochewiessel am Alldag e bëssche méi schwéier.

## 8. Richteg a wichteg: d'Diskussioun iwwer de Stellewäert vum Lëtzebuergeschen

E groussen Deel (59 %) vun de befrote Leit fënnt, datt d'Diskussioun iwwer de Stellewäert vun der Lëtzebuerger Sprooch sënnvoll oder ganz sënnvoll ass. Besonnesch deene Leit, déi Lëtzebuergesch schwätzen, ass de Status vun der Nationalsprooch wichteg, wat nach eng Kéier d'Legitimitéit vun der Regierung hiren Efforte fir d'Promotioun vum Lëtzebuergesche bestätegt.

## 9. D'Stäerke vum Lëtzebuergeschen am Alldag : eng Necessitéit

De groussen Deel vun de befrote Leit (78 %) fënnt, datt d'Lëtzebuerger Sprooch am Alldag soll gestäerkt ginn. Och wa fir déi meeschten Awunner d'Sproochesituatioun am Land kee Problem duerstellt (cf. Punkt 7), besteet awer de Wonsch, fir dem Lëtzebuergeschen am Alldag eng nach méi grouss Roll zoukommen ze loossen.

## 10. D'Roll vum Lëtzebuergeschen als Schrëftsprooch confirméiert

63 % vun de befrote Leit, déi Lëtzebuergesch schwätzen, sinn der Meenung, datt Lëtzebuergesch net nëmmen eng geschwaten, mee och eng geschriwwe Sprooch ass.

Ëmmerhin 33 % vun de Leit, déi kee Lëtzebuergesch schwätzen, fannen dat och.

## 11. D'Lëtzebuergescht als wichtegst Integratiounssprooch confirméiert

83 % vun de befrote Leit sinn der Meenung, datt Lëtzebuergesch eng wichteg Integratiounssprooch ass; fir 60 % vun de Leit ass et esouguer déi wichtegst. Dës Ausso stäipt der Regierung hir Beméiungen, fir d'Lëtzebuergescht verstäerkt am Schoulcurriculum ze ënnerriichten.

Vun de Leit, déi kee Lëtzebuergesch schwätzen, gi 24 % d'Lëtzebuergescht a 67 % d'Franséischt als wichtegst Integratiounssprooch un.

## 12. D'Schoul, de wichtegsten Acteur, fir d'Lëtzebuergescht ze stäerken

Fir déi grouss Majoritéit (88 %) vun de befrote Leit ass d'Schoul eng wichteg Instanz, fir d'Roll vun der Lëtzebuerger Sprooch ze stäerken – fir 44 % esouguer déi wichtegst. Des Ausso ënnerstëtzt déi Aktiounen, déi den Educatiounsministère op de Wee bruecht huet, fir d'Lëtzebuergescht systematesch ze entwéckelen an ze stäerken, vun der Fréikandférderung iwwer d'Schoul bis an d'Erwuessenebildung.

Am zweetheefegste gouf d'Politik genannt (74 %), déi Strategië soll konzipéieren an ëmsetzen, fir d'Lëtzebuergescht ze férderen. Direkt hannendru mat 69 % gëtt d'Roll vun de Bierger ervirgehuewen. Hei stoussen d'Mesurë vum Strategiepabeier an dem Gesetzprojet fir d'Promotioun vun der Lëtzebuerger Sprooch, mee och de partizipative Prozess vu Biergerronnen op eng grouss Zoustëmmung.

# III. CONCLUSIOUN

D'Resultater vun der TNS Ilres-Enquête confirméieren, datt d'Lëtzebuerger Sprooch en zentraalt Element ass vun der geliefte Méisproochegkeet zu Lëtzebuerg.

D'Enquête ënnersträicht déi ganz wichteg Roll vum Lëtzebuergeschen, esouwuel als Integratiounssprooch, ewéi och als Kommunikatiounssprooch, am Alldag an am Beruffsliewen – an dat am multilingualen Ëmfeld, dat eis Land auszeechent.

D'Lëtzebuerger Sprooch huet an eiser Gesellschaft en héije Stellewäert kritt a gëtt vun engem breeden Deel vun der Populatioun geschwat a geschriwwen. Nawell besteet de Wonsch, dës Sprooch nach méi ze stäerken.

D'Enquête confirméiert, datt d'Regierung déi richteg Moossnamen ergraff huet fir d'Nationalsprooch ze férderen, an datt si sech och virun dofir engagéiere soll.